

Lëtzebuerg, den 6. Mee 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

„De Wäschbier ass zu Lëtzebuerg scho laang keng Seelenheet méi. D'Populatioun vun dëser invasiver Spezies ass enorm gewuess, zënter si an den 1970er Joren zu Lëtzebuerg opgetaucht ass. D'Upassungsfähegkeet vun dëser Spezies huet dozou gefouert, dass si sech ëmmer méi an urbane Gebidder usidelt, wouduerch et och ëmmer méi zu Kontakter mat Mënsche kënn.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

- *Wéi héich gött d'Populatioun de Moment geschat?*
- *Ginn et verschidden Zorte Wäschbieren zu Lëtzebuerg?
Wa jo, wéi eng Zorte wieren dat?*
- *Op wéi eng Manéier suivéiert den Ëmweltministère d'Populatioun vun de Wäschbieren?*
- *Wéi effikass waren d'Efforten d'Populatioun ze reguléiere bis elo? Wéi vill Wäschbiere sinn an de leschte fënnef Joer pro Joer geschoss ginn?*
- *Hält d'Madamm Ministesch et fir noutwendeg, d'Efforten ze verstärken? Wa jo, wat genee ass virgesinn, fir där invasiver Aart Meeschter ze ginn?*


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07


dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Ass virgesinn, d'Bevëlkerung ze sensibiliséieren, wéi ee sech verhalte soll, wann een engem Wäschbier, en Déier dat net ganz ongeféierlech ass, begéint? "*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Max HAHN
Deputéierten